PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/09/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Bildung weiderzeleeden.

An der Kommissiounssëtzung zur Santé vum 21.09.2020, wou et ëm d'Konditioune fir eng *mise en quarantaine* gaangen ass, huet den Direkter vun der Santé erkläert, dass Schüler, déi ënnert Quarantän stinn an awer nach an den Unterrecht dierfen, net sollen den ëffentlechen Transport benotzen.
Vill Elteren hunn awer net d'Méiglechkeet, fir hiert d'Kand op anerem Wee an d'Schoul ze bréngen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat recommandéiert de Ministère den Eltere vun engem Kand, dat a Quarantän ass an awer nach an d'Schoul muss goen, a punkto Schoultransport? Wéi sollen d'Léit d'Kand an d'Schoul bréngen, wann net iwwert den ëffentlechen Transport?

2. Proposéiert de Ministère, am Fall wou d'Elteren net iwwert een eegenen Auto verfügen oder aus beruffleche Grënn hier Kanner net féiere kënnen, eng speziell Transport-Méiglechkeet fir dës Kanner?

3. Falls de Ministère keng Alternativ proposéiert: Dierfe Kanner, déi net ouni den ëffentlechen Transport an d'Schoul kommen, an esou engem Fall doheem bleiwen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député